N°487
Entrée le 18.03.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 18.03.2024
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 18/03/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Wirtschaft & Landwirtschaft, Ernährung a Wäibau weiderzeleeden.**

An Däitschland existéiert zënter Joren ee Pfandsystem op Gedrénksfläschen a Béxen. Hei ass et esou, dass all Supermarché, deen iwwer 200m2 Verkafsfläch huet, all Fläschen muss zeréckhuelen, op déi ee Pfand drop ass. Geschäfter ënnert 200m2 musse just déi Saachen zeréckhuelen, déi si am Sortiment hunn.
*(Quell: https://dpg-pfandsystem.de/index.php/de/faq-ruecknehmer.html)*

Och zu Lëtzebuerg existéiert op verschiddenen Verpackungen, grad bei Glasfläschen, ee Pfand. Et ass awer esou, dass hei net all Gedrénkshändler oder Supermarché all Artikel zeréckhëlt, mee meeschtens ëmmer just dat, wat si och selwer am Sortiment féieren.

An deem Zesummenhang wéilte mir de Ministeren dës Froe stellen:

1. Firwat sinn grouss Gedrénkshändler hei am Land net verflicht, fir all Gedrénksfläschen zeréckzehuelen, esou wéi dat an Däitschland schonns de Fall ass?

2. Wäert d'Regierung sech un der däitscher Gesetzgebung inspiréieren an de lëtzebuergesche Pfandsystem dementspriechend verbesseren?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

POLIDORI Ben
Deputéierten